LËSCHT 5

verdeelt de Maximum vun äere Stëmmen op der...

D'PIRATE FIR EN CITY BUS

Als eng vun de flächeméisseg gréisste Gemengen ass den ëffentlechen Transport zu Cliärref e wichtegt Thema. Dat ëmsou méi wou Cliärref als sougenannte zoukënftege *Futurehub* och nach e Lycée kritt, deen Dag fir Dag honnerte Schüler aus der ganzer Regioun unzitt.

D'*Cliärrwer Piraten* sinn der Meenung, datt an deene leschte Joeren et verpasst gouf, der Gemengefusioun an der domadder zesummenhängenden Ufuederunge vun den Awunner (ë.a. beim ëffentlechen Transport) Rechnung ze droen.
Nëmmen duerch eng besser Vernetzung vun den 17 Uertschaften an 8 Lieu-diten kann eis Fusiounsgemeng esou zesummewuessen, wéi et geduecht war.

Mir setzen eis dofir dir d'Schaafung vun engem ***City Bus*** an, deen d'Uertschaften z.B. als Réng-Linn mat Cliärref verbënnt. Dëst erméiglecht et, datt jiddweree seng Kommissiounen an de gréisseren Uertschafte maache kann an datt d'Behördegäng op der Gemeng, bei der *Gesondheetskees* oder der *Post* nach méi einfach ginn. Och fir d'Touristen, déi déi ënnerscheedlech Ecker aus eiser Gemeng erfuersche wëllen, giff en onkomplizéierte ***City Bus*** entgéint kommen. Doriwwer eraus sollen d'***Vélospisten*** ausgebaut an d'Uertschafte méi Vélofuererfrëndlech ginn.

Mir begréissen et ausserdeem, datt den Nohaltegkeets- an Transportministère déi laangjähreg Piratefuerderung vun den Nuetszich ëmgesat huet. Nodeems verschidde Südgemengen scho reagéiert hunn an d'Horairen vum TICE-Busréseaux dësen Nuetszich ugepasst hunn, wëlle mir, datt d'Cliärrwer Gemeng och un engem Modell schafft, fir datt all d'Awunner aus der Gemeng vun dëser Offer profitéiere kënnen: de vun eis proposéierte ***City Bus*** sollt dann och opmannst eemol an der Nuecht um Weekend fueren.

Eise komplette Programm an eis Kandidaten fannt dir natierlech op eiser Websäit:

HTTP://KLIERF.PIRATEN.LU

GW17-Klierf-Plakat-CityBus.indd 1 14.09.2017 11:42:20